

Lëtzebuerg, den 30 September 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspräsident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden:

*„Den E-Kommissariat vun der Police gött et elo zanter dem 27. Juli 2018. Dee Portail huet net nëmmen de Virdeel, datt méi Polizisten um Terrain kënnen sinn, mee och datt d'Leit sech net méi mussen deplacéieren, fir eng einfach Plainte oder e puer aner Deklaratiounen, wéi zum Beispill verlueren Objeten oder en einfache Vol ze maachen.*

*Déi zweet Hallschent vum Joer 2018 sinn direkt iwwer 1.000 Fäll online deklaréiert ginn. 2019 sinn eng 4.300 Affären iwwert den E-Kommissariat erakomm. Dem Aktivitéitsrapport vun der Police no sinn 2020 esouguer ronn 5.500 Affären iwwert dee Wee traitéiert ginn. No gutt dräi Joer wier et elo un der Zäit, fir en éischte Bilan ze zéien.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:*

- *Entspriechen déi genannten Zuelen den initialen Erwaardunge vum Här Minister?*
- *Hat d'Pandemie en Afloss op d'Zuele vum leschte Joer? Wa jo, wéi bewäert de Minister dës Zuelen?*
- *Gëtt eventuell dru geduecht, fir d'Palett vun den Deklaratiounen, déi ee kann iwwert den E-Kommissariat mellen, ze vergréisseren?*
- *Wa jo, wéi eng Deklaratiounen wieren dat?*
- *Wann net, wat sinn d'Grënn fir d'Palett net auszebauen?*
- *Wéi vill Persoune schaffen am Service, deen d'Deklaratiounen vum E-Kommissariat verschafft?*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

- *Wéi laang dauert den Traitement vun den Affairen an der Reegel?*
- *Gëtt eventuell dru geduecht, fir weidert Personal anzustellen? Wa jo, wéi eng Formatioun müssen déi Leit hunn? “*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN  
Deputéierten

Claude LAMBERTY  
Deputéierten